

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, d'Madamm Justizminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An engem Interview, deen hien de Moien um Radio 100,7 ginn huet, huet den Här Bausseminister am Bezuch op de russesche President Wladimir Putin, ënner anerem dës Ausso virgeholl: *"Dat wier jo och alles, wat een him kéint wënschen, datt dee géif wierklech och physesch eliminéiert ginn, fir datt dat dote géif ophalen."*

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Gesäit den Här Staatsminister et als ubruecht un, datt de Lëtzebuurger Bausseminister ëffentlech zu déidlecher Gewalt géint e gewielten, auslännesche Staatschef opriff? Falls jo, kann hien dann elaboréieren, wéi dës Positioun begrënt ass a prezis ausdifferenzéieren, wou hie bei all Eenzelfall d'Grenzen zitt? Falls net, kann den Här Staatsminister da matdeelen, wéi eng Konsequenzen hien aus der Ausso vum Här Bausseminister wëll zéien?
- 2) Ass dem Här Bausseminister seng Ausso strofrechtlech relevant, z.B. als Opruff zum Mord oder als Haassried?
- 3) Kann den Här Staatsminister matdeelen ob déi Ausso vum Här Bausseminister och d'Positioun vun der Regierung ass an ob si virdrun tëschent den eenzele Regierungsmemberen a Koalitiounsparteien ofgeschwat gi war?
- 4) Wéi en Impakt huet esou eng Ausso op d'Relatiounen tëschent Lëtzebuerg a Russland an engem Kontext dee souwisou scho ganz komplizéiert ass?
- 5) Wëll den Här Bausseminister sech fir dës Ausso géintiwwer dem Här President Putin entschëllegen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten